# Dornre'sschen

eng Séchen a 5 Biller
no Gebr.Grimm
vum
Br. Henri Rock o.f.m.

---

## Perso'nen:

De Kinek,
D'Kinigin,
Dornre'sschen,
Prönz Remo
De Kato, (als Hofnarr-zwerg)
D'Gudula(Chef v.den Denger)
De Jamper, en âle Mann,
Pagen,Hofdammen an Hären,
D'Elfenkinigin,
8 Elfen,

Den Zwergekinek,
De Ruppi, De Struppi, De Knuppi, De Mippi, De Sippi, De Stippi, } Zwergen.
4 Féen, Nr.1,1o,11,12.
D'Fée Nr. 13
D'Dengerschâft,Männer a Frâen.

---

## Szénerie:

**I.Bild:Am Schlasspark.**
Op enger Seit geseit én d'Schlass.Am Park sin Bänken,Döscher a Still,we' sech dât passt. E Sprangbur wir och net schlecht,muss awer net sin. Da könnten d'Elfen de Kato vleicht e we'neg nätzen

**II.Bild:Am Tro'nsall:**
Am Fong op engem erhe'te Podium 2 Fotellen,dertescht eng gölle We'.Um Kappsteck vun der We' muss virgesin sin datt de Kinnek d'Kre'nchen kann drop setzen. Jé eng Dir lenks a riéchts.

**III.Bild:Am Turmzömmer:**
't kann e sche'nt Zömmer sin, 2 Fönsteren.Niéwent der Fönster wo' d'Kand higét muss e spiggel hänken.Niwent dem Stull wo'd'Féé drop sötzt muss eng Chaiselonguo ston wo' d'Re'sschen drop fällt. 't mussen och genug Still virgesin sin fir d'Kinnek an d'Kinigin, d'Dornre'ssohen an de Prönz am 5. Bild.

**IV.Bild:Am Schlasspark.**
Alles we' am 1.Bild,nömmen datt de' Seit wo' én d'Schlass gesin huet mat enger Kuliss-Rosenheck zo'gestallt ass.- Eng Bänk muss do sin. An hannert der Bühn eppes we' en Tibia.

**V.Bild:Am Turmzömmer.**
Gené we' d'Zwergen et am 3.Bild verlôss hun.

---

## Kostümierong:

We' all âner Séchen. D'Féen hun e Stirréf un mat engem Stèr an der Mött,wo' de' Betreffend Nummer ausgeschnidden,an eventuell ro't önnerluegt ass.

---

N.B. Verschidden Aktricen können gutt 2 Rolle mâchen.
z.B. D'Elfen - Hofdammen oder Denger,
Gre'sser Zwergen ebenfalls.

Gottes Wöllen,kreisch net me'.(of)

4.Szén, Kinigin,Kato

Kinigin(Wann de Kinek fort ass gét se lédeg op an of): Dén arme Kinek;mei le'we Männchen. - Hié mengt et eso' gutt mat mir - e wöllt mir neischt weisen.Awer ech wés et, hién dre't grad e-so schwe'er un eisem Léd we' ech. -(Kreischt) Wât hun ech dach nömme verbrach? - All âner Jongbestuedten kre'er Kanner, fir wât mir net? - Fir wât kre'en echként?- Herrgott, fir wât strôfs du mech eso' hart? --- Mengs de ~~xlxix~~ vleicht ech ge'f dât Köndchen net gut versurgen? (wöscht sech d'Aen erem. - de Kato sto'ng bis elo op der Seit,'t huet én him awer ofgesin datt der Kinigin hert Léd sein égent war. Elo trött hié virun se a sét:)

Kato:Da kreischt elo och net me',sche'n Kinigin.Ert Léd ass jo wuâl gro'ss,awer ech mengen alt,ech hätt de Fräsch besser verstanen we' dir. An dir werdt gesin...

Kinigin:(gespânt):Wât werdt ech gesin?

Kato:Dir werdt gesin datt dir iwert Johr e Köndchen huet.Durfir kreischt elo net me'.Ech sangen iéch och dât sche'nt Liddchen vum grenge Fräsch.

Kinigin:Oh,du le'we gudde Kato! Wann et wo'er wir!

Kato(senget:

Et war e klenge Vigelchen Gefall vum Bâm - Ei hopp!
En ass gefall an d'Bâch eran, Nâss war e we' eng Zopp!
Am Wâsser war e grenge Fräsch,Dé war erschreckt - a we'!
Dù lâcht hié jo aus vollem Hals, A lâcht nach ömmer me'!
De Viggelchen dé röselt sech,A sprètzt seng Fligel weit,
Hié fle't dun op de Bâm erop,Dù lâchen sie zo' zwét!

Kinigin(De' während dem Lidd me' ro'e; gin ass):Du le'we,gudde Kato (sötzt sech op d'Bänk,hällt dem Kato seng Hand fest,während der nächster Strôf entschle'ft se fest)

Kato(firt hir sacht iwer d'Hohr,we' eng Mamm hirem Kand,sengt)

Et war emol e Viggelchen Gefall vum Bâm-ei Hopp!
En ass gefall an d'Bâch eran,Nâss war e we' eng Zopp!

(Bekuckt d'Kinigin): Eso',ewell schle'ft meng sche'n Kinigin Ech hun dât jo gewosst.Schon als Kand,wann hir Mama-Kinigin se net un d'Schlôfe kritt huet,ass et mir mat mengem Liddchen vum Viggelchen a vum Fräsch ömmer gegleckt. -.Oh,schlôfen ass gutt, - zemôl wann é Léd huet.(sötzt sech zo' Fe'ssen vun der Kinigin) - Ech könnt jo eigentlech och en Nickerchen hâlen. (entschle'ft) No enger Zeit kommen d'Elfen eragehuscht,~~hx~~ mâchen e Krés em d'Kinigin,bekucken se virwötzeg a sangen)

5.Szén,Vireg, 8 Elfen

Elfen:Ei,we' ass dât nett a le'f,Kuckt d'sche'n Kinigin de'schle'ft.
An de Kato neipt och de'f,Ei,ei,ei,ei,ei!

Kato(erwächt lues,reiwt sech d'Aen,sengt):

Ei,we'klengt dât le'f an traut!Ei,dé wonnerse'sse Laut!
D'Elfe kommen och nach haut,Bum,bum,bum,bum,bum!

(rêsst Mond an Aen op)

Elfen:Kato,mâch dach zo' dei Mond!Kato,bass du net gesond?
Mechs jo Aen kugelronn!Ei.ei.ei.ei,ei!

Kato:We'?du klenge lo'se Pâck,Wölls du mech verspotten dack?
Wart dir kommt gleich an de Sâck!Bumbumbumbum!

Elfen(zecken):

Kato,Kato,fänk eis un!Kato,du bass dâch e Mann!
Eise Kinek bass du dann!Ei,ei,ei,ei,ei,ei!

Kato(dréht):

Elfen aus dem Elfereich,Wart,de Kato huet iéch gleich!
Ent zwé drei,ech fänken iéch! Bum,bum,bum,bum,bum!

(Et follegt e löschtegt Fänkchesspill,töschend den Elfen an dem Kato,mat Lâchen a Jeitzen a Brommen a Fauchen, wann et sein Höheponkt erréckt huet,erschengt d'Kinigin vun den Elfen,sie huet eng liéwensgross Popp am Arm.Eso' we' d'Elfen se gesin sprangen sie hir entgent,mâchen eng Reverenz a fe'eren se an d'Mött.De Kato stellt sech op d'Seit vun senger Kinigin)

Elfenkinigin:Elfen, wât muss ech gesin? Hun ech ~~f~~ iéch durfir hei-hin gescheckt?

Eng Elf:Kinigin,de Kato huet zevill en domnt Gesîcht gemâcht,dù hu mir e missen zecken.

Elf-Kinigin:'t ass scho gutt,dann huelt elo no wât dir vergiéss.

hât, Mir si jo hei fir d'Sche'n Kinigin ze tre'schten,durfir mâcht hir elo de Schleierreigen.(Sie stellt sech virun d'Kinigin,hält hir d'Popp hin,während d'Elfen de Reigen mâchen.Ge'nt Schluss streckt d'Kinigin d'Aerm aus,höllt d'Popp dreckt se un d'Härz. Iwerdém fällt de

V o r h a n g.

---

II.Bild Am Tro'nsall.

1.Szén,Gudula, Dengerschâft.

(D'Dengerschâft ass drun de Sall an d'Reih ze mâchen,dobei get et allerhand Schabernack.Gudula stét derbei als Obsîcht. Schon e'er de Vorhang opgét he'ert é Lâchen,lâfen,Fänken a Jeitzen)

Gudula:Mä da sit dach ro'eg a mâcht kén eso' Komme'di.Dir erwächt jo nach eis Kinigin an hire Puppelchen!(Kannergejeitz hannert der Bühn - Gudula mecht d'Fönster op a rifft aus):Wât soll dé Radau?Wöllt dir wuel ro'eg sin, dir Lömmelen!(kanner,vun dobaussen):"D'Hex! hei d'Hex!Kuckt emol wât eng! Hex,hâl dei kapp nömme fest, datt on net erof fällt. D'Hex! d'Hex!)- Wât? de' lâche mech nach aus? - Mech, wo' ech dach d'Gudula sin, an eis vere'ert sche'n Kinigin schon als Kand op den Arme gedroen hun,wo' ech dach all Lompe vun eiser klenger Prinzessin mat mengen Hänn wäschen.

Dengerschâft lâcht;Gudula get be'ss):

Gudula:Wât, dir wöllt mech och verspotten? Dir lâcht och?

Denger(am Cho'er,mat Verbeugong):Nén,Joffer Gudula,mir lâchen net! (Dobaussen ass et op émol stöll gin)

Gudula:Ewell hun se opgehâle mat Jeitzen.

Denger(am Cho'er):Sie hun opgehâle mat Jeitzen.

En Denger(dén zur Fönster ausgekuckt huet):Joffer Gudula,den Zwerg ass donidden,de Kato. Ewell gin se ausernén a lâchen.

Gudula:Dât hun ech mir jo gleich geduecht,datt den Zwerg derhannert stecht. - Wurfir lâchen se dén net aus? - Ech sin dach nach eng sche'n Ro'ss vis-vis vun dém verdîrte Quètschekèr.(Denger lâchen)- Lâcht net eso', oder ass et vleicht net wo'er?

Denger(am Choer):Jo,Joffer Gudula,dir sit eng sche'n Ro'ss! (Musek)

2.Szén,Vireg, Kato

Kato(könnt iwert dem Virspill erägesprongen,sengt):

Wo' ömmer ech mech weise blo's,
Do hiéwt sech gleich zum Danz de Fo'ss!
Do gét all Kampf gleich ausernén,
Bei mir do widerstét gur kén! (sprengt virun,während hién d'Gudula emdanzt an emschméchelt):

Wöllt dir net och me' fröndlech gin?
Muss èr Gesîcht so' rose sin?
Wöllt net mat mir en Dänzchen dre'n?
Eng Plâtz u mengem Hiérzche kre'n?

Gudula mâcht dach glât èr Fâlen,
Ech wöll iéch gär de Spigel hâlen.
Gudla,lâcht eng Grimmel blo's.(De' dre't em de Reck)
Wann dir net wöllt- dann hei mei Gro'ss!

(streckt er d'Zong oder mecht er eng lâng Nuess,dre'ht sech brüsk em a gét sech op d'Stufen vum Tro'n sötzen).

Gudula:Eso' eng Frechhét! Eso' eng frech Kreatur! Vu dém lôssen ech mech awer nach net verspotten.(zum Kato)An iwerhâpt,eraus elei, (schle't no em mat der Stöpslomp)Hei ass keng Plâtz fir iéch! Hei muss propper gemâcht gin.

Kato(ganz ro'eg an iwerléen):Wann iéch gelifft Joffer Gudula,ech warden hei op d'Kinigin.

Gudula:Wât? Op d'Kinigin? De' könnt elo net,de' schle'ft nach.De' wöll Bo'wen hâten se eso' we' eso hâl erwächt elo grâd,wann net-

Kato:... wann net den Zwerg s'auserén gedriwen hätt.Hahaha!'t war eng löschteg Gesellschâft. Mir huet se gefall.

Gudula:We'? Wât? Och nach gefall? Jo,gelt,well se mech verspott hun.... weil se mech eng Hex genannt hun....

Kato:A... an dir sit dach....

Denger(am Cho'er)... eng sche'n Ro'ss!

Gudula(geschméchelt):Huet dir dât he'eren,wât de' dô soen?

Kato:Mä,vere'ert Joffer Gudula,dât sèlwegt soen ech dach och.Dât sét dach all Mönsch.

Gudula:Jé,jé,mâcht iéch net eso'.Ech gléwen iéch jo dach net,
awer den Denger gléwen ech. - Sôt et nach e ng Ke'er!
Denger(Am Cho'er):Dir sit eng sche'n Ro'ss!
Gudula(knixt lächelnd a se'leg):Huet dir he'eren?- Huet dir he'e-
ren,dir abscheilechen Zwerg,wât se vu mir soen?
Kato:Awer vere'ert Joffer Gudula, ech soe jo justament dât sèlwegt
Dir sit eng wonnersche'n Ro'ss, - wann dir nömmen net eso'
vill Picken hätt.
Gudula:Ha, d'Picken de' gehe'eren eben zur Ro'ss. - Awer dir sit
en éklechen Zwerg! Eng Missgeburt! E grinsenden Pèrdskrecher,
dén neischt kann we' Göft a Gâll speitzen, an,wann ech fro'
a glecklech sin,da musst dir mech irgeren. - An iwerhâpt,
eweg elo,'t muss gebotzt gin fir Seng Majestät de Kinek.
Kato:Oho! an ech muss hei warden op m e n g Majestät,d'Kinigin!
Gudula(ganz opbruecht): Ja, dât ass et jo! D'Kinigin gehe'ert mir-
- - datt dir et wösst! - Ech hun d'Kinigin gro'sgezugen,sie
op den Aerm gedroen, - all hir Kannerlompen hun ech gewäsch!
Kato(ganz ro'eg): A mech huet se gär!
Gudula(kreischt vu Roserei):Ech soe jo! Seit de' Missgeburt d'
Nuess an d'Schlass eragestreckt huet,sin ech neischt me',
't he'ert é soss neischt me' we'"le'we Kato hei a le'we Kato
do"!
Kato:Awer Joffer Gudula!
Gudula:Jo, en abscheilechen Erbschleicher sit dir,dén sech an d'
Hèrzer eraschleicht,an âl,e'erlech Leit draus verdreiwt,de'
hirt ganzt Liéwen trei a gewössenhaft geschafft hun.(kreischt)
Wo' ech dach all hir Kannerlompe gewäsch hun.

3.Szén,Vireg,Kinigin

Kinigin(nach dobaussen):Kato,le'we Kato,wo' bass de?Ech brauch
dech.
Kato:He'ert dir,Joffer Gudula,meng Kinigin brauch mech!
Kinigin(iwerkuckt am Erakommen gleich d'Situatio'n):Wât get et
hei? D'Joffer Gudula kreischt?
Gudula:Oh,meng le'f sche'n Kinigin, - neischt we' mech verspotten
a misshandlen mecht en - a mech bei der Kinigin verdrängen.
Wo' ech iéch dach op den Hänn gedroen an all èr Kanner-
lompe gewäsch hun.
Kinigin(ganz erstaunt):Le'we Kato, ass dât wo'er?
Kato:Le'f,sche'n Kinigin, neischt hun ech gemâcht,we' d'Bo'wen
donidden ausernén dreiwen,datt dir schlôfe könnt. An hei
uewen hun ech op iéch gewart,weil dir mech braucht. An do
irgert sie sech,- an nennt mech eng greisslech Missgeburt,
en éklechen Pèrdskrecher,dén nömme Göft a Gâll speitzt,(zo'
den Denger)Net wo'er,dir könnt bestätegen datt ech der Jof-
fer Gudula neischt gedoen hun. - Hun ech hir eppes gedoen?
Denger(am Cho'er,awer we' ängschtlech):N...én!
Kato:Gelt, ech hun eso' gur eppes ganz Sche'nes vun hir gesôt?
Denger(am Cho'er):Sie wir eng wonnersche'n Ro'ss!
Kinigin(klatscht vu Fréd an d'Hänn):Ei, dât ass le'f!Joffer Gudu-
la,dât ass dach sche'n.Wann d'Denger et eso'gur wössen.
Durfir sollt dir iéch dach och gär hun.- Ech hun iéch dach
och allen zwé gär.- Wöllt dir net?
Kato:U mir leit et net, well ech hun d'Joffer Gudula ganz gär,
wann sie och munechmôl pickt.
Kinigin:He'ert dir,Joffer Gudula.Hiéwt hién elo och gär a get
him d'Hans,ech biéden iéch,mir zo' le'f.(Gudula hält dem
Kato ganz zömperlech d'Hand hin,dén ergreift se ganz fest,
a get hir eng klâkech Bés op de Bâk.Gudula jeitzt a wöscht
sech ma'm Schirteg ôf)
Kinigin(klatscht vu Fréd an d'Hänn)Ei,dât war sche'n!Dât war
sche'n. An elo komm,mei le'we gudde Kato(mat him of)

4.Szén Vireg,o'ni Kinigin a Kato

Gudula:Jo, dât âlt Lidd:Mei le'we gudde Kato! An da muss ech et
leiden datt hié mir eng Bés get - dén abscheilechen Zwerg -
't ass jo gur ké richtege Mann.(Denger platzen aus vu Lâchen)
Lâcht net!(Vu baussen he'ert é Marschmusek) Mâcht iéch fort
de Kinnek könnt schon an den Tro'nsall.
Denger(voll Schreck durchernén):De Kinek! De Kinek!(No alle Seiten
de'er ôf)

5.Szén,Kinek,Kinigin,Kato,Gudula,Hofdammen an Hären
d'Dengerschâft.

(D'Musek get ömmer me' hart.Als e'scht komme Kinnek a Kinnigin, dann de Kato eleng,durno d'Hofdammen a Hären 2 an 2,dann d' Gudula eleng,durno d'Dengschtleit 2 an 2.Kato a Gudula mâchen dât ganz feierlech. Kinek a Kinigin gin op den Tro'n,de Kinek huet eng keleng Kre'nchen an der Hand,de' setzt en op d'We' de' teschend hinne stét.De Kato sötzt sech op d'Stufen virun d'We' Wann alles opgestallt ass hlt d'Musek op.De Kinek stét op a sét:)

Kinek:Dir huet allegur dât Léd kannt dât seit Johren meng le'v Kinigin a mech bedreckt huet.- - Dât ass haut erlanscht.-Durfir wölle mir eis fréen. - Haut vir 8 Dég huet den Himmel eis e wonnersche'nt Köndchen - eng Prinzessin geschenkt.

Kato(sprengt op a rifft als e'schten):Lâng soll liéwen eis Prinzessin!

All(zesummen): Vive, vive eis Prinzessin!

Gudula(rosen fir sech):Ha, elo ass de' Missgeburt vun Zwerg mir schon nés zuvir komm. Mä wart, meng Stonn könnt och nach.

Kinnek: We' soll eis Prinzesschen wuel héschen? - - Dât sôt dir mir elo gleich wann dir eis Köndchen gesin huet.

Kinigin(zur Gudula): Joffer Gudula,git eis Pöppche sichen.(

Gudula:Mat Fréden.le'f Kinigin. -(zum Kato)Aha,geseis de,du Ekel! (ôf)

Kato:(gét er no bis bei d'Dir,da mecht hién hir eng lâng Nuess a mecht d'Dir zo'.- Alles ass gespânt op d'Köndchen. no kurzer Zeit könnt d'Gudula eran,ganz feierlech dre't sie eng ganz naturgetrei Popp.Wann se lanscht de Kato gét:)

Gudula:An elo, du Missgeburt.....

All(Wann d'Kinigin d'Köndchem om Arm huet):Vive,vive eis Prinzessin!

Kinek(wenkt Ro'h mat der Hand):Also, we' soll eis Prinzesschen héschen?

Kato(sprengt begéschtert op):Sire, 't ass eng sche'n Re'sschen! Lâng soll liéwen eis Prinzessin Re'sschen!!!

All:Jo, Re'sschen soll se héschen. Vive,vive eis Prinzessin Re'sschen!!

Kinek(önerhält sech lues mat der Kinigin,dann:) 't siéf dann, Re'sschen soll se héschen, well dât war och den Numm dén meng le'f sche'n Kingin an ech gesicht hâten.

Kinigin,(huet dem Kato iwer de Kapp gestreichelt): Mei le'we,le'we Kato!

Gudula(rosen fir sech):Dât elo gét ze weit,schon erem ass dén éklechen Zwerg viru mir. - Awer ech mâchen et besser.(gét mat ville Becklengen virun den Tro'n a sét hart):Magestät, le'f sche'n Kinigin,ech,de' ech èr Majestät schon als Kand op den Arem gedroen,an all èr Kannerlompe gewäsch hun,huldegen iéch!

Kinigin:Merci,merci,le'f Joffer Gudula!

Kinek:Dât huet dir sche'n gesôt!

Gudula(ganz opgeblosen vun Ho'ffert):Hues du dât he'eren? Du, Zwerg? Ganz sche'n, huet d'Majestät gesôt.

Kinigin(lét d'Köndchen an d'We'.)

Kinek(stét op):Weil elo d'Léd aus dem Schlass gebannt ass,wölle mir nô lânger Zeit erem fro' sin. - Musek, spillt de Prinzessinnendanz, an alles soll sech dre'hen.

(D'Musek setzt an,d'Hofdammen an Hären urdnen sech purweis zum Danz,hinne schle'ssen d'Denger sech un,emer purweis,bis op émol d'Gudula ganz traureg iwreg bleiwt. Op e gutt Wurt vun der Kinigin gét de Kato bei se fir mat hir ze danzen. Et follegt e graziösen,feierlechen Danz mat ville Schräck a Verneigongen.De Kinnek an d'Kinigin sötzen fröndlech lächelnd op dem Tro'n. Dann ent.wann kucken sie och emol an d'We'. Ge'nt Schluss vum Danz schwätzen sie och lues matenén.Wann den Danz fèrdeg ass mâchen die énzel Pur eng ge'genseiteg Verneigong,nömmen de Kato göt der Gudula eng Klâkeg Bés,a gét sech op d'Stufen vum Tro'n setzen,d'Gudula wöscht sech natirlech erem of,an irgert sech hémlech, all de' âner lachen)

Kinek(zur Kinigin):Elo wir et bal Zeit zo' Dösch ze goen.Wo' solle blo's eis 12 Féen bleiwen de' ech zur Feier agelueden hun. (zum Kato) Kato,ge' du emol kucken,a fe'er eran wiéns du fönds. -(Kato of) (zur Kinigin) Schued datt mir nömmen 12 gölle Gedecker hun.Hoffentlech spillt de' 13.de' net agelueden ass eis ké Schabernack.

Kinigin:'t werdt dach alt net sin. An iwerhâpt, wat soll dann elo nach én eis mâche können, elo wo' eis gro'sse Wonsch erföllt, an all Léd eriwer ass.

(Iwerdém könnt de Kato erem,ganz feierlech stellt hién sech virun den Tro'n,Reverenz,dann):

Kato:Sire,Echt hu gemâcht we' dir gebueden,
Wat do war hun ech agelueden
Ze folge mir an döse Sall.
Et sin eis Féen lâng net all.
't ass nömmen ént an zeng an élef.(kommen eso' we' se genannt gin eran.)
Vleicht ass och derbei nach zwiélef -
Hei sin se d'Re'sschen ze gesin.

6 Szén Vireg, 4 Féen, dann nach 13.

(D'Kinigin höllt d'Köndchen aus der We')

De' 4 zesummen:Oh,we' le'f, we' sche'n!

All(am Cho'er):Vive,vive,vive eis Prinzessin Re'sschen!

Fée Nr.1.:Un Dugend siéf dât Kand ganz reich

Nr.1o.:U Sche'nhét könnt ochként him gleich.

Nr.11.:Sei Reichtom soll sin o'ni Enn. (Plötzlech gét d'Dir op an eran könnt Fée Nr. 13, ganz steif a feierlech,sie gét virun d'Köndchen,bekuckt et a sét mat deischtrer Stöma:)

Nr.13.:Mat 15 Johr soll d'Kand sech stéchen,
Un enger Spöndel - oh ganz lîcht -
Mä gleich soll hatt zo' Do't erbléchen -

All(bestürtzt):Oh,oh!

Nr.13.(kuckt de Kinnek):Dât ass mei gerecht Gerîcht!(grad eso' feierlech a steif of, we' se kom ass)

(Scho wann 13 erakönnt erschrecken Kinek a Kinigin,mat all Sâtz steigert sech hire Schreck.No:"soll hat gleich zo' Do't erbléchen" dét d'Kinigin e Krésch, a kreischt. De' âner am Sall si grad eso' erschreckt. Wann 13 fort ass tröt 12 vir, bere'ert d'Köndchen a sét):

Nr.12.:Wann d'Kand och zo' Do't erblécht,
Soll hat durfir dach net stierwen.
Huet et honnert Johr errécht,
Soll eis Re'sschen nei opliéwen
An erwächen aus dem Schlôf. (durno machen s'alle 4 eng Reverenz a gi fröndlech wenkend of)

7.Szén,Vireg o'ni Féen

Kinek(stét erregt op,d'Kinigin kreischt nach ömmer lues):
Dir huet allegur he'eren wât fir eng Gefohr eiser Prinzessin dréht. Solle mir dât Ongleck ro'eg komme lôssen?

All: Nén,nén! Vive eis Prinzessin!

Kinek:Ja, wés dann én wat mir mâche sollen?

Kato(stét virun den Tro'n):Sire,Eis Prinzessin soll sech an enger Spöndel stéchen.- Fir sech awer doran ze stéchen muss och eng do sin.Durfir soll èr Majestät all Spöndelen am ganze Land eso' gutt we' hei am Schlass verbidden. Dann ass eist Re'sschen gerett.-

Kinek:Bravo Kato, dât ass e gudde Rôt.

All:Bravo, bravo! Vive eis Prinzessin!

Kinigin(gét dem Kato d'Hand): Du le'we Kato!

Gudula(rôsen):Schon erem dén Ekel!

Kinek:Also lauschtert all wât ech elo soen. - Mei Kanzler ass fir d'Ausfe'erong vun dösem Befehl verantwortlech - a mei Schreiwer soll sech all Wurt mirken: - Vu mâr un därf eso'gutt hei am Schlass,we' am ganze Land keng Spöndel me' ze fanne sin. All mussen s'an d'Feier! - Dât ass mei Befehl. - Verstânen?

All:Jo,jo!(Verbeugong) - Vive eis Prinzessin.(D'Kinigin beschäftegt sech während der Zeit mat dem Köndchen)

Kinnek(sötzt sech, d'Kinigin lâcht erem): An elo,wo' d'Gefohr fir eist Re'sschen aus der Welt geschâft ass,wölle mir erem löschteg sin an eist Fest virufe'eren. - Musek! Nach eng Ke'er den Danz vun elo grâd. (Danz we' uewen.Zum Schluss fällt de

<u>V o r h a n g</u>

III.Bild am Turmzömmer.

(D'Bühn ass eidel wann de Vorhang opgét he'ert én Hoarsignalen, Hondsgebill a.s.v.- De Kinnek gét mat sengem ganzen Haf op d'Juegd. Wann alles stöll ass da könnt no enger Weil d'Fé 13 eran(âl Fra,Hex) Sie huet eng Spöndel bei sech)

1.Szén - Fée eleng

Fée: Haut kritt d'Re'sschen 15 Johr - Haut oder nie muss mei Wonsch an Erföllong goen.- E Gleck dat de Kinnek mat sengem ganzen Haf op d'Juegd ass,an d'Re'sschen eleng geloss huet.- Eso'lîcht hat ech mer de' Sâch net virgestallt.(geheimnesvoll) Ech hun önner Wé de' Wonnerkèren hei gestrét,de' ze'en mer dât sche'nt Kand onweigerlech heihin.- (Höllt eng Fläschchen aus dem önnesch-te Rack) Lôsst mer d'Spöndel nach eng Ke'er an d'Göft zappen, dat et och secher wîrkt--- Hahaha, Kinek,dat hei ass meng Stonn! (lacht) Hahaha! Ongestrôft huet nach ké mech beleidegt.(setzt sech op e Stull,eso'datt d'Kand se net gleich ka gesin wann et era könnt.)

2.Szén.- d'Fée an Dornre'sschen.

Dornre'sschen(könt kurz drop eran,ass löschteg a fro') Wât huet mech dach nömmen heihinen gezugen? - Soll et vielleicht de Virwetz gewiescht sin?- Mei Papa Kinek huet mer jo well allerhand vun dem Turmzömmer hei erzielt,awer eran huet hien mech nie gefo'-ert.- E Gleck datt hien haut mam ganze Schlass op d'Juegd ass, eso' gûer de Kato ass mat,a meng Gouvernante och - jo,soss hätt ech net können durch d'ganzt Schlass sprangen,mä hätt ro'eg missen an der Scho'l setzen a le'eren - an dât fällt mer jo eso' schwe'er - - - Iwerhâpt,ech sin jo och ké Kand me'. Haut kre'en ech meng 15 Joer - wât soll nömmen hei an dém Zömmer sin datt mei Papa Kinek net wöllt datt ech soll era kommen,(kuckt em sech,awer net op de' Seit wo' d'Fée setzt) Neicht! (gét bei d'Fönschter de' op ass,kuckt aus) O wat eng sche'n Aussîcht! (wöllt sech emdre'en,geseit an e Spiggel dén do hänkt) A wât ass dann dât do?- Eng âl Frâ? (erschreckt) Eng Hex ? (zo' sech selwer) Jé Re'sschen,net fèrten. Du bass dach ké Kand me',du kriss dach haut deng 15 Joer. Haut den Owend wann de Papa Kinek vun der Juegd eröm ass get dach dei Gebûrtsdâgskuch mat déne 15 Kèrzen ugefâng.(dre't sech em,gét bei de' Al) Bonjour Me'mi! Wât mâcht dir do ?

Fée: (reselt mam Kapp) Ech spanne mei Kand.

Dornre'sschen: A we' mecht én dât?

Fée: (weist him) Mä da kuck emol gutt nô..... eso' mecht én dât.

Dornre'sschen: A wât ass dann dât fir en Dengen dât eso' löschteg dorömmer sprengt ? (D'Kand höllt d'Spöndel a wöllt och spannen. kaum huet et se ugere'ert da stecht et sech an de Fanger.Am selwegten Ableck fällt et op d'Chaiselonge a schle'ft)

Fée: (lacht) Gro''arteg,hahaha! (lächt bis sie zur Dîr eraus aus. d'Spöndel bleiwt leien.)

3.Szén.- Dornre'sschen an Zwergen.

(no enger klenger Weil kommen d'Zwergen eragehuscht. De Kinek kent e we'neg nô)

Kinek: Dir braucht net eso' ze presse'eren Jongen,mir hun gutt Zeit. - Ganz 100 Joer! - an 't ass och ké Mönsch am Schlass,dén eis könt gesin - well dô schle'ft alles. - Awer mat èrem Geléfs huet dir dât secher emol net an uecht geholl.

Ruppi: (Reverenz) Awer secher Kinek,dât hu mir och gesin.

Struppi: (Reverenz) Am gro'sse Sall leit de Kinek an d'Kinigin mat hirer ganzer Gefolgschaft ze schlôfen. Eso gûer de Kato ass derbei.

Knuppi: Am Stall leien d'Perd an um Dach setzen d'Dauwen ze schlôfen.

Sippi: Oennen am Haf leien d'Juegdhonn a strecken alles vun sech. Sie brauchen d'Meken net ze ferten,well de' schlôfen och.

Stippi: Ech sin durch d'Kichefönschter era ko'm. De Brôd stét nach om Uewen,awer d'Feier schle'ft och.

Mippi: De Kach - e gudden Decken - huet grad de Spulljong mat de Buschten geholl, an ass derbei ageschlôf.

Kinek: Kuck,kuck! Dir huet dach nach gutt Aen.

Ruppi: Ja,Kinek,wât solle mir dann hei mâchen?

Kinek: Mä Ruppi,mir sollen hei beim Re'sschen wâchen.

Struppi: A we' lâng soll dât daueren,Kinek?

Kinek: 100 Joer muss d'Re'sschen schlôfen.

Knuppi:An eso' lâng solle mir heibleiwen?

Kinek: Mir brauchen och net ömmer hei am Turmzömmer an am Schlass ze bleiwen.

Sippi: Mä da könne mir jo och an dé sche'ne Park goen,wo' d'Elfen sangen a sprangen,do gefällt et mir vill besser.
Kinek: Mei le'wc Sippi,dât könne mir dach och. Oder wât mengt dir Jongen,könne mir net danzen,sangen a sprangen?
All: Awer secher,a we'!
Kinek: Dajé! Da beweist dât emol !
All: Heissa ! Ugepackt !

Danz vun den Zwergen.

Mir sin siewen Zwergen aus hémlecher Welt
Sin ömmer ganz löschteg weil't eis so' gefällt.
An ass op der Welt och vill Sche'nhét an Zier
So' flott an so':
Heidideldei!
Heidideldei!
Ass gûr kén we' mir!
(Walz)
Didiri-! Didirü-!
Didiralla-lala!
Emol lenks 'rem!
Emol riechts 'rem!
Juchheirassassa!
(stellen sech ge'genseiteg vir)
De Kinek,de Ruppi,de Struppi,de Knupp!
An de Sippi,de Stippi mam Mippi um Wupp!
Jo siewen so' Jongen,so' propper a sche'n
Huet nie nach kén:
Heidideldei!
Heidideldei!
Ké Mönsch jé gesin!
(Walz)we' uewen
(zum Schluss gét de Vorhang lues zo'.)

---

IV.Bild Park we' am 1.Bild.

(D'Schlass ass ganz mat wölle Ro'sen agewuess.De Jamper-en âle Mann mat engem Hél o'm Bockel könnt eran,sötzt sech op d'Bänk, wöscht sech de Schwés):

1.Szén Jamper eleng

Jamper:Kertjeft! ass dât namol eng Hötzt haut.- D'Rommelen könnten och gutt wuessen o'ni gekappt ze gin. - An dann ass dât Steck och nach eso' weit vum Durf. E Gleck datt de' Bänk hei stét, datt ech mech e we'neg erblôse kann.(Höllt d'Peif eraus,mecht eng un):Ja, wann én et dach emol eso' weit bruecht hätt,we' de' am Schlass do - hannert der Rosenheck. De' schlôfen eweil schon seit Urgro'sspapps-Zeiten.

2.Szén, Jamper,Prönz.

Prönz(könt eran):Ah Bonjour,Pätter,hun ech iéch dach fondt?Schon de' ganzen Zeit hun ech iéch gesicht. -(kuckt d'Heck) Ass dât hei vleicht de' dèrech Heck vun dèr dir geschter Owend verziélt huet?
Jamper:Maja, jongen Här. Hei ass se. A gléft mir - git net onvernönfteg, a probe'ert net fir derdurch ze kommen - well 't ge'ng iéch schlecht! Mei Papp huet ömmer erziélt,datt sei Gro'sspapp me' we' é jonge Prönz gesin huet,dén trotz all Wornong probe'ert huet fir un d'Schlass ze kommen - mä - sie sin all an de Där stéche bliwen an hun e schrecklecht Enn fondt.
Prönz:'t werdt alt net eso' schlömm gewiéscht sin. - An dann,démols waren de' jong Leit nach net eso' sportlech gestählt we' haut.
Jamper:Tä,tät,tä! Dir braucht nömmen en Tour em d'Heck ze mâchen, wann dir gutt oppasst da fandt dir nach haut Knache vun dénen arme Prönzen.
Prönz:Ech soen iéch merci,Pätter fir èr Renseignementer. - Awer, probe'ert get et dach. Hei gin ech net me'fort. - dess dé' sche'n Prinzessin wir meng!...
Jamper:Schneid iéch alt net,jongen Här,de' ûner hu bestömmt och all eso' gesôt..... an sie sin och net me'fort gângen.... hir Knache leien nach haut hei..... Awer d'Dornre'sschen hun sie dach net gesin!
Prönz(interesse'ert):We' nennt dir d'Prinzessin?
Jamper:Mä Dornre'sschen! - Sie héscht jo eigenzlech, we' de' âl Leit soen:Re'sschen! Awer weil sie eso' mat Där agewuess ass,nenne

mir s'ewell Dornre'sschen!

Prönz(begéschtert):Dornre'sschen!!! Watt e sche'nen Numm! - Dornre'sschen, du muss meint gin!

Jamper:Also jongen Här, dir sit gewarnt. Mâcht keng Dommhéten,wann iéch ert Liéwen le'f ass.

Prönz(we' am Drâm):O'ni d'Prinzessin Dornre'sschen huet d'Liéwe fir mech ké Wert me'.

Jamper:Wiém net ze rôden ass, dém ass och net ze höllefen. Mâcht dann, wât dir net lôsse könnt.(stét op) Ech muss elo hém,soss mecht eis Kätt mir de Wösch an d'Döppen. Also, au revoir,jongen Här, a bonne Chance! (of)

3.Szén, Prönz eleng

Prönz:Bonne Chance,huet de Pätter gesôt! - Oh, de' hu mir schon! - elo gin ech dach emol de' Heck inspice'eren. Et muss dach iregndwo' eng Plâtz sin wo' én durchkönnt.(Probe'ert op der Bühn) - 't ass net me'glech! - Vleicht gét et vun enger ânerer Seit.(gét ôf,d'Bühn bleiwt eng Weil eidel,get lues a lues me' deischter, dann he'ert én d'Nuechtsklack lauden,de Prönz ass an dèr Zeit erem komm,huet eng Schank (Tibia)an der Hand,lét se op d'Bänk,fâlt d'Hänn a biédt eso' lâng we' d'Klack laut. D'Bühn get nach ömmer me' deischter.-De Prönz sötzt sech erem op d'Bänk):Den Herrgott muss mir höllefen,well rondröm ass keng Plâtz ze fannen wo' én durchkönnt. - Oh, Dornre'sschen, soll ech dann net bei dech kommen)- (Paus, bekuckt d'Schank) Kuck, de Pätter hât dach Recht, dât hei ass eng Schank vun engem Mönschebén. - Herrgott am Himmel,höllef datt et mir net och eso' gét.-(ömmer me' deischter) - Fir haut ass jo dach neischt me' se mâchen - awer fort gin ech net vun hei! - 't Dornre'sschen muss meint gin. - 't ass mir grad we' wann eppes mech hei ge'f festhâlen. - - Nén, ech gin net fort - Hei sin ech an hei bleiwen ech bis du mein bass, le'f Dornre'sschen.(lét sech hin an entschle'ft)

4.Szén, Prönz, 2 Elfen

(Wann de Prönz en Ableck geschlôf huet kommen 2 Elfen erage-huscht,sie gesin de Schle'fer,gin ganz virwötzeg em e Kucken)

1.Elf:Né,Schwösterchen,kuck, e Mönschejong! 't ass ewell lâng hir datt mir ké me' hei fondt hun.

2. Oh jo, a vun all dénen ass bis elo ké lieweg fort kom. -

1. Wât soll en nömmen eso'no bei der Därenheck sichen?

Prönz(re'ert sech)

2. Stöll, e re'ert sech!

Prönz(am Drâm):Dornre'sschen! .. lôss mech dach bei dech!

1. Hues du verstânen? - Bei d'Re'sschen wöllt en.

2. Oh, dén domme Jong, dât soll hién sech aus dem Kapp schloen, soss gét et him grad we' dénen âneren.

1. An 't wir Schued,well 't ass wirklech e sche'ne Prönz - Wiren dach nömmen de' 100 Johr em.

2. 't kann net me' lâng daueren. - Hätte mir eis dach blo's den Dâg an d'Johr gené opgeschriwen.

1. Den Zwergekinnek dé wés dât bestömmt. - Wa mir hié froe. ge'ngen?

2. Jo, Schwösterchen, dât wir eso' eppes.Dât ass e schlaue ~~X~~ Keren, dé wés et secher.

1. An hien ass och secher fro' fir de Mönscheprönz ze gesin. Well virwötzeg sin de' Männercher we' neischt Gutts.

2. Mä, 't ass awer haut hire Ro'dâg.

1. An dann och nach. - Ech gin.(Of)

2. (wenkt hir fröndlech no,da gét se d'Heck inspice'eren an do-eremer kucken,könnt durno erem a sötzt sech op d'Bänk.No enger Weil könnt 1. erem,zeht den Zwergekinek no)

5.Vireg,Zwergekinek.

Kinek:Lues,Jöfferchen, rennt dach net eso'. 't könnt e jo ganz ausser Otem.

2. Pst! Do leit en!

Kinek(betruecht en): Ah eso'!

Prönz(am Drâm,ganz le'f):Dornre'sschen, lôss mech bei dech!

Kinnek:E rifft jo d'Re'sschen aus dem Schlass. - Mä dé jonge Mann huet navell me' Chance we' soss eppes. - dé könnt zur rich-teger Zeit.

1. Wât sôt dir do Kinnek?

Kinnek:Maja, haut em Halefnuecht sin de' 100 Johr em.Wann durno e jonge Mönsch d'Schlass betriét,an dem Re'sschen eng Bés get, da liéwt erem alles op.- an - d'Re'sschen ass seint!

2. Wât eng Fréd! Eist Re'sschen erwächt!

Kinek:Jo, hat erwächt fir d'allere'scht, an durno d'Ganz Schlass! A weil eis Wuecht hei beim Re'sschen mat döser Nuecht zo' Enn gét,durfir wölle mir elo nach zesumme e sche'ne Reigen opfe'eren.(klatscht an d'Hänn,d'Zwerge kommen vun alle Seiten eragehupst.

1. Do muss eis Kinigin an all eis Schwösteren awer och derbei sin.(léft bei d'Kuliss- rifft):Elfen,Elfen, all erbei!
Hönt göt jo eist Re'ssche frei!

(D'Kinigin an d'Elfen kommen eragedanzt. -Ge'genseiteg Verneigongen tescht den Elfen an den Zwergen.)

6.Szén,Vireg,Zwergen,Elfen.

Kinigin:A wât get Neis,Kanner?(geseit de Prönz)Oh, e Mönscheprönz?

Kinek:Jo,Cousine Kinigin, e Prönz. Dât ass den Erle'ser vun eisem Re'sschen aus dem Schlass. Haut em Hallefnuecht sin nähmlech de' loo Johr em.(Elfen klatschen an d'Hänn vu Fréd,d' Männercher schloe Koplabunz)- Mir wöllen durfir elo nach zesummen e sche'ne Reigen opfe'eren, an dann, wann d'Auer vum Kirchturm 12 schle't, da fe'ere mir zesummen de Prönz an d'Schlass.

Kinigin:Wa mir hién emol durch d'därech Heck hun,da brauch hién eis net me'. - Well, wann et sech em sche'nt jongt Médchen handelt, da wössen d'Mönschen sech scho sèlwer ze höllefen.

(Follegt de Reigen.D'Elfen danzen de sèlwegten we' am 1.Bild - àn Tour, durno kommen d'Zwergen mat hirem. Eso' get ôfgewiésselt.(De Regisseur muss erausfannen op d'Zwergen solle sangen oder net. Vleicht brauchen sie och nömmen den 2.Dél vun hirem Danz op ze fe'eren "Diriri-dirirü!") Ge'nt Schluss schle't d'Auer,ongefe'er beim 6.Sclag fänkt de Vorhang un lues zo'zegoen.)

---

V.Bild Am Turmzömmer(we' am 3.Bild)

1.Szén, Dornre'sschen, Fée Nr. 13.

(Wann de Vorhang opgét ass d'Bühn we' d'Zwergen se am 3.Bild derlôss hun.Dornre'sschen schle'ft op der Chaiselongue.13 könnt eran,betruecht d'Re'sschen,lâcht satanesch)

Fée 13:Hahahaha! Ech hun dach gewonnen! Haut sin de' loo Johr em. - Awer loo Johr ass e lângen Dâg - zemol fir d'Mönschen! - Du bass lâng vergiéss mei Kand! - Schlôf nömme ro'eg! - Du erwächs net me'. - Well hei könnt eso' bâl ké jonge Mönsch eran. - - Dât le'ert dei Papp mech ze beleidegen. - All de' âner Féen,hirer 12 - hât hién op dei Geburtsfest geluedenmech net! - haha! Dât Fest war se'er erlânscht - mä meintmeint dauert ewell schon loo Johr - an eso' se'er kritt et nach kén Enn! - (gét bei d'Fönster, kuckt aus, erschreckt) A wât ass dât do? - 't ass dach net me'glech! - E Prönz! An d'Zwergen an d'Elfen fe'eren bis bei d'Portal!(ste'sst ma'm Fo'ss op de Buedem): Ah, dé klenge Pâk!- Elo kritt d' Fée Nr. 12 dach Recht!(geschloen) an ech muss verschwannen! (se'er ôf)

2.Szén,Dornre'sschen,Prönz.

('t get eng kleng Paus,dann he'ert é ruffen:Dornre'sschen! Re'sschen! - 't he'ert én Trött, da könnt de Prönz eran)

Prönz:Nén, wât soll dât nömmen héschen. Wo' én hikönnt schle'ft alles hei am Schlass, eso'gur d'Honn am Haff,d'Pärd am Stall an d'Mecken un der Wand.-(geseit d'Re'sschen)-soll dât dô vleicht d'Dornre'ssche sin? - Am Tro'nsall hun ech de Kinek, d'Kinigin an d'ganz Gefolgschâft fondt,awer d'Dornre'sschen war net derbei.(gét me' no) Wirklech, dât hei muss et sin, (an Extase) sche'n we' eng Re'sschen! - Dornre'sschen,du muss meint gin!(gét ganz no,beckt sech a kösst et op de Mond) dât schle't d'Aen op,rîcht sech op, a kuckt verwonnert em sech)

Dornre'sschen:A wo' sin ech? - (fixe'ert de Prönz):A wié sit dir jonge Mann?

Prönz: Ech sin dei Prönz Remo, an du bass hei an dengem Schlass le'ft Dornre'sschen!

Dornre'sschen:Mei Pappa-Kinek nennt mech dach sei Re'sschen, an net Dornre'sschen!

Prönz:Mä dach,du bass ewell d'Dornre'sschen,mei le'ft,sche'nt Dornre'sschen.

Dornre'sschen:A fir wât?

Prönz:Meng sche'n le'f Prinzessin, loo Johr hues du geschlôf,an d'ganz Schlass war mat wölle Ro'sen zo'gewuess - durfir héschs du ewell Dornre'sschen - wells du an den Där geschlôf hues. - A meint bass de, weil ech dech erwächt hun, - weil ech net me' liéwe kann - net me' liéwe wöll- o'ni dech,mein hierzecht Kand,(kösst em d'Hand)- Wölls de mech och e we'neg gär hun?

Dornre'sschen(streckt em d'Hänn hin):Jo,mei le'we Prünz,vun Härze wöll ech dech gär hun,well du bass dén,dén ech ömmer am Drâm virun den Aen hât.An ech sin iwerzégt datt mei Papa-Kinek och neischt derge'nt huet.

Prönz(huet et an dèr Zeit un den Aerm he'chgezugen,eso'bâl we' et stét drekt en et un d'Hèrz):Mei le'vt,sche'nt klengt Dornr re'sschen, we' sin ech glecklech!

3. Szén,Vireg,Kato

Kato(rifft hannert der Bühn):Prinzesschen Re'sschen! Prinzessin Re'sschen!(könt eran,an der Dir:)Prinzessin Re'sschen!!!!

Dornre'sschen:Mä,hei sin ech jo,mei le'we Kato! An hei ass och mei le'we Prönz Remo.Dén muss de elo eso' gär hun we' mech sèlwer!

Kato:(get dem Prönz d'Hand): Dât verspriéchen ech iéch,meng le'v Prinzessin. - Awer elo muss ech gleich èrem Papa-Kinek melde goen datt ech iéch fondt hun. D'Mama-Kinigin ass ganz ausser sech vu Surg em iéch.(of)

4.Szén, Vireg o'ni Kato

Dornre'sschen(kuckt de Remo verle'vt):Wés de Remo, ech hât eso' sche'n gedrémt.

Prönz:A wât hues du da gedrémt mein Herzchen?

Dornre'sschen:Vun engem schene Prönz,dén dir geglach huet.Hién huet mat mir geschwât a gelâcht,gesongen a gedanzt.An hié wollt bei mir bleiwen.

Prönz:Wirklech e schenen Drâm.

Dornre'sschen:Jo, an hién huet mir eng Bés gin - op de Mond.

Prönz:Wats du net sés,meng kleng Maus.(Bés)

5.Szén,Vireg,Kinek,Kinigin,Kato

(iwerdém gét d'Dir op,de Kato könnt feierlech eran,stellt s sech op d'Seit a le'st de Kinek an d'Kinigin antrieden.

Kato(Verneigong):Sire,hei ass eis Prinzesschen!

Dornre'sschen(Könnt hinnen entge'ntgesprong,huet de Remo e we'neg matgezun,dé bleiwt awer me' zreck stoen):Papa,Mama, hei sin ech jo, an hei ass och mei Prönz Remo, dé musst dir elo eso' gär hun we' mech sèlwer.

Kinnek(verwonnert):Oh, net eso' se'er.- Dovun derno! - So mir elo emol we's du hei erakomm bass- hei an d'Turmzömmer - ech hât dir et dach verbueden!

Dornre'sschen(hölt de Kinnek bei der Hand):O Papa-Kinek, siéf net be'ss, an du och net Mama.Dir wösst jo,ech war eleng am Sak Schlass, alles war mat op d'Juegd.Fir d'Zeit erem ze kre'en sin ech durch d'ganz Schlass gangen - a gelungen - watt ech dem Turmzömmer me' no komm sin, watt et mech me' heihin gezugen huet. An dann, ech si jo och ké Kand me'.Ech hu jo grad meng 15 Johr kritt.....

Kinek a Kinigin(gespânt):An dù?

Dornre'sschen:An dù! - We' ech hei erakomm sin so'tz eng âl Giédel do op dem Stull(weist en) de' hât eppes an der Hand dât ech nach nie gesin hât, an dât ass eso' löschteg doeremer gesprongen,datt ech et och emol an d'Hand geholl hun fir et sprangen ze mâchen.-

Kinek:Wât war et dann?

Dornre'sschen:Ech wés et net Papa,mä kaum hât ech et an der Hand, du`hun ech mech an de Fanger gestach,sin emgefall a gleich entschlôf.

Kato(dén d'Spöndel fondt huet,brengt dem Kinek se):Hei ass et Sire, wo'mat eis Prinzesschen sech gestach huet.-

Kinek(erschreckt):Ah! Eng Spöndel!

Kinigin(grad eso'} kreischt)

Dornre'sschen:O Papa,Mama, dir musst elo net kreischen,well ech hun eso' gutt geschlôf, an eso' gutt gedrémt - eso' sche'n...

Kinigin:Ass et wo'er mei Kand?

Dornre'sschen:Jo,Mama,ech hu gedrémt vun engem sche'ne Prönz.Dén huet mat mir geschwât a gelâcht,gespillt,a gedanzt.Hién huet och gesôt hié ge'f elo ömmer bei mir bleiwen. - Oh, ech war jo eso' fro',well ech hätt jo ömmer gär e Bridderchen gehât.- We' mir lâng matenén gespillt hâten huet hié mech op émol op

de Mond geköSst... an dù war ech wåkrech! - A rôt emol,wién dù niéwent mir sto'ng? -(Fe'ert de Remo ganz no bei d'Eltren) Hei mei gudde Remo,mei sche'ne Prönz aus dem Drâm! - Durfir Pappa,Mamma,musst dir hié gär hun we' mech sèlwer,well hié wöllt bei mir bleiwen an eis nie me' verlôssen.

Kinek(zum Prönz):Stömmt dât jonge Mönsch?

Prönz:Sire, d'Prinzessin Re'sschen huet iéch elo hir Geschicht erziélt,erlâbt datt ech meng och verziéelen.
(önner der Zeit huet de Kato Still zurecht gesât fir de Kinek an d'Kingin)

Kinek:D'Kinigin an ech si ganz O'er.(sötzen sech).

Prönz:Also; Schon als Kand hun ech he'eren we' mei Papp verziélt huet vun engem Schlass dât ganz mat wöll Rosen zo'gewuess wir. Virgeschter sin ech elo donidden durch d'Durf geridden, an enger Wirtschaft sin ech ageke'ert.-Owes bei der Uecht huet de Pätter Jamper mir erem vun dém Schlass geschwât.-an 't wir hei an der Ge'gend.Natirlech war ech virwötzeg. - duebel virwötzeg we' hién dù och nach vum Dornre'sschen (verle'fte Blek ) geschwât huet.

Kinek:Dornre'sschen? wién ass dann dât?

Prönz:Mä Sire, eso' nennen d'Leit ewell d'Prinzessin Re'sschen, weil sie ganz mat Där agewuess war. -

Kinek:Ah eso'.

Prönz:Den âneren Dâg ass de Jamper Rommele kappe gângen - ech wo'st net wo'hin.Op émol, ge'nt den Owend hun ech fondt; - Hei virum Schlass,d.h.virun der Därhèck,op enger Bänk so'tz en.-

Kinigin:Dât ass bestömmt d'Bänk op dèr ech so'tz we' d'Elfen mir d'Re'sscehn gewisen hun am Dram.

Kato:Jo, sche'n Kinigin, ech war derbei, ech hat iéch nach dât sche'nt Lidd vum grenge Fräsch gesongen.

Prönz:Do war et wo' de Jamper mir verroden huet datt d'Schlass direckt hannert der Ro'senheck ge'f stoen. - We' ech dât emol wo'sst,dù sto'ng et fir mech fest:D'Dornre'sschen muss meint gin.- De Jamper huet mech gewarnt - 't wiren ewell eng ganz Reih Prönzen an der Heck stéche bliwen an emkomm.... 't huet alles neischt gedengt -- ech si bliwen. - We' de Jamper fort war hun ech probe'ert fir durch d'Heck ze kommen - 't war neischt ze mâchen.-Ech si rondrem kucken gângen,mä ech hu soss neischt fondt we' Knachen vun dénen arme Prönzen de' hir Le'ft a Verlangen nô'm Dornre'sschen mat dem Liéwe bezuelt hâten.- We' et deischter go'f hun ech mech niddergeluegt a sin entschlôf. - Do hun ech eso' sche'n gedrémt - oh eso' sche'n..... Do waren Zwergen an Elfen de' em mech gedanzt hun 't war e Genoss. - Ponkt Hallef Nuecht hun se mech erwächt,sie hu mech bei der Hand geholl a bei d'Heck gefo'ert, dù huet den Zwergekinnek gesot:Jonge Prönz, dun hues wirklech Gleck,well haut sin de' 100 Johr Schlôf fir d'Dornre'sschen erlanscht.Dén e'schte jonge Mönsch dén elo an d'Schlass könnt kann d'Prinzessin erle'sen. Komm durfir mat, mir fe'eren dech bei d'Portal vum Schlass. Oh, ech war eso' fro', eso' fro'! We' ech dù d'Heck betruechten dù waren et keng wöll Rose me', mä sche'n Edelro'sen, a matten durch war e bréde Wé.Do erdurch hun se mech dù gefo'ert bis bei d'Portal vum Schlass.Virun der Dir huet den Zwergekinnek nach gesot:Eso' jonge Prönz hei ass et, sich a fann dei Gleck. A mâch eist Dornre'sschen glecklech!

Kinek:Hu mir wirklech 100 Johr geschlôf? Dât ass jo net me'glech!

Prönz:Dach Sire, Vun dém Moment un wo' d'Prinzessin sech gestach hât huet d'ganz Schlass gené 100 Johr geschl/ôf, we' wann alles do't wir. - - We' d'Zwergen an d'Elfe fort waren sin ech durch d'ganz Schlass gângen fir d'Dornre'sschen ze fannen. - An der Kichen lo'g de Kach,hién hât de Kichejong nach mat den O'eren - Am Tro'nsall lo'gen d'Kingin an dir Majestät mat erer ganzer Gefolgschaft - och de Kato(lâcht) war derbei. D'Dornre'sschen hun ech vergiéwens gesicht bis ech hei an den Turm geklomme sin, - an elei hun ech et endlech fondt.(Hölt et bei der Hand) An elo wöll ech et net me' lössen.Durfir Sire a le'f Kinigin,biéden ech Iéch heimat em d'Hand vun èrem le'we Re'sschen.

Kinek:(lét dem Prönz fröndlech d'Hand op d'Schöller):Ja, jonge Mann wann d'Sâch sech eso' verhält,da sin ech averstânen fir iéch eist Re'sschen - oder Dornre'sschen, we' dir et nennt ze gin. Natirlech muss seng Mamm och awöllegen.

Kinigin:'t ass jo eso' bestömmt. De Prönz huet eis jo all erle'sst, an hién huet eist Re'sschen jo eso' gär.

Prönz(göt dem Kinek an der Kinigin d'Hand):Merci! Jo ech hun et gär an ech schwieren iéch et gei Liéwe lâng op den Hänn ze droen.

Kinek a Kinigin:Da soll den Himmel iéch sei Sege gin, eisen huet Dir.(de' 2 sin niddergeke't.)

Kinek:Stitt op Kanner,lôsst mir eis fréen a löschteg sin.Ere Verlobungsdâg muss würdeg gefeiert gin.(zum Kato)Kato, ge' ruff d'ganz Personal aus dem Schlass heihin,datt ech hinnen de' frédeg Nouvell gin.

Kato:'t soll gesche'hen Sire,(Mat Verneigong of, könnt awer gleich erem)Ech muss dach dém jonge Pur nach gratule'eren, - Ech muss dach dén e'schte sin, gelt Prinzesschen? - Also,meng hèrzlechst Gleckwönsch!(get hinnen d'Hand)

Dornre'sschen:Merci,merci mei le'we gudde Kato.Hues de da mei Remo elo och gär?

Kato:Awer selbstverständlech,Jidderén dé meng Prinzessche gär huet ass dach eso' we' eso' mei Frönd! - Awer elo se'er meng Commissio'n mâchen.(of)

6.Szén,Vireg o'ni Kato,Gudula,Dengerschâft

Prönz:Sire,mei le'we Papa-Kinek,le'v Mama-Kinigin,we' soll ech iéch danken fir dât Geschenk dât dir mir haut gemâcht huet.Ech verspriéchen,iéch ste'ts als Eltren ze eferen.-

Dornre'sschen: Och ech soen merci,le've Papa a Mama,datt dir mir mei Remo gin huet.(emärbelt de Remo) Ewell hun ech endlech e Brudder krit. (Tumult hannert der Bühn) -

Prönz:Dornre'sschen,meng le'v sche'n Braut....('t he'ert én d'Gudula hannert der Bühn)

Gudula:An ech soen iéch,mir fannen se. - A bestömmt virun dem écklechen Zwerg.

Dornre'sschen:Nu lauschter emol é Mönsch. D'Gudula ass durch hiren loo jährege Schlôf nach ömmer net beke'ert.(Kinek a Kinigin ze'hen sech zreck, eso' datt d'Gudla an d'Denger se net gleich könne gesin)

Gudula an d'Denger(kommen eran)

Gudla:Gesit der, wât hât ech gesot? Hei ass se! - Prinzesschen,endlech hu mir dech fondt.- Ass dât eng Fréd fir mech, de' ech dach all èr Kannerlompen gewäsch hun. - D'ganz Schlass hu mir durchsicht.- Awer dén éklechen Zwerg,dén ère Pappa-Kinek nô iéch siche gescheckt huet,dén huet iéch net fondt. (zo' den Denger):Gelt mir hu gesicht?

All(zesummen,huel an deischter):Jo mir hu gesicht!

Gudula:An den Zwerg huet se net fondt.

All:En huet se net fondt.

Gudula:Dé leit bestömmt irgendwo' om Reck.

All E leit om Reck.

Gudula:Durfir muss den Kato, den ongetreien Zwerg erausfle'hen.

All:De Kato muss fle'hen.

Dornre'sschen(lâcht):Wât dir net alles sôt. Mei le'we gudde Kato ass jo scho lâng hei!

Gudla(gedehnt):Ass de Kato schon hei?

Dornre'sschen:Awer secher, a mei Pappa-Kinek och(weist op en) dén huet de Kato gescheckt eng Commissio'n mâchen.

7.Szén, Vireg, Hofdammen an Hären.

Kato (könt eran,Verneigong virum Kinek):

Sire, Ech hu gemacht we' dir gebueden,  
Wât dom war hun ech agelueden  
Ze folge mir an döse Sall,  
Mä d'Denger félen awer all.(Geseit d'Gudula)  
Dach ech gesin,et gét an d'Reih,  
D'Gudula stét mat hinnen hei!

(Hofdammen an Hären sin an dèr Zeit erakom)

Kinek:Da stellt iéch op zur feierlecher Audienz. Ech hun iéch eng gro'ss frédeg Nouvell ze verköndegen. - Könnt dir iéch un eis lescht Juegd erönneren?

All:Jo, Majestät!

Kinek:Erönnert dir iéch dann och,datt mir no der Juegd,eso'bâl we' mir d'Schlass betratt hun,entschlôf sin.

All:Jo,Majestät!

Kinek:Erönnert dir iéch un d'Fée Nr. 13,bei dem Geburtsfest vun eiser Prinzessin Re'sschen?

All:Jo,Majestät!

Kinek:Also, durch hir Verwönschong hu mir all zesummen loo Johr

geschlôf. Mir ware vun der ganzer Welt verlôss. d'Ganz Schlass war mat wölle Ro'sen zo'gewuess. - Wann net eist Prönz Remo hei(hölt e bei der Hand)gewiéscht wir, da wire mir nie me' erwächt. -Durfir, nodém mir all dât bedueoht hun, huet èr Kinigin an ech beschloss: 1.Eis Prinzessin héscht vun haut un net me' einfach Re'sschen,mä "Dornre'sschen",weil sie mat Dèr agewuess war.

Kato(sprengt op a rifft als e'schten):Vive,vive eis Prinzessin Dornre'sschen!!

All:Vive,vive,vive!

Gudla(op d'Seit):Alt nés dén Ekel!

Kinek(wenkt Ro'h):An 2. hu mir beschloss dem Prönz Remo,als Merci eis Dornre'sschen zur Frâ ze gin,an hién zum Irwen vun eisem ganze Reich anzesetzen.

Kato:Vive eis zukönftegt Kinekspur!!!

Gudula(rôsen):Elo gét et awer dur, mä wart ech kann et besser,(gét virun den Tro'n,mat ville Becklengen):Prinzessin Dornre'schen, ech,de' ech iéch schon als Kand op den Aerm gedroen,an all èr Kannerlompe gewäsch hun,huldegen iéch a gratule'eren zo'èrem sche'ne Prönz Remo!

Prönz an Dornre'sschen:Merci,le'f Gudula,

Gudula(opgeblosen zum Kato):Hues de dât he'eren,du Missgeburt?

All:Mat voller Begéschterong):Vive,vive,vive eist zukönftegt Kinekspur!

Kinek:(wenkt erem Ro'):3. hu mir beschloss,d'Verlobung vun eise le'we Kanner get gleich haut gefeiert.We' om Geburtsfest vun eiser Prinzessin mecht alles mat,bis op d'Kichepersonal,dât surgt derfir datt mir derno e gudde Verlobungsdiner kre'en. (zu Kichepersonal get of) dann zum Prönz an Dornre'sschen): An elo Kanner, ass et un iéch.(D'Musek setzt an,Kinek a Kinigin sötzen sech.Prönz an Dornre'sschen machen dén e'schten Danz Natirlech muss d'Gesellschâft hinnen derno eng Ovatio'n mâchen Durno sötzen sie sech. D'Gefolgschâft fe'ert dann de gleiche Menuet op we' am 2.Bild. De Kato erbarmt sech erem der Gudula hirer. Zum Schluss vum Danz klatschen Kinek,Kinigin,Prönz an Dornre'sschen. De Kato sprngt op e Stull a rifft):

Kato:Vive seng Majestät eise Kinek an seng sche'n Kinigin!

All: Vive,vive,vive!

Kato:Vive eis Prinzessin Dornresschen an hire Prönz Remo!

All:Vive,vive,vive!

(De Kato ass iwerdém vum Stull gesprongen,direkt vin d'Gudula a get hir eng klâkech Bés):

Kato:Vive,eis Gudula,de' all Kannerlompen vun eiser Prinzessin gewäsch huet! (Alles Lâcht, Gudula ass ho'frech!)

Kinek(stét op):Eso', dann elo alles zum Verlobungsdiner! - (Kinek a Kingin gi fir.De' âner urdnen sech 2 an 2 hannert hinnen. D'Musek spillt de Schluss an de Vorhang <u>gét lues zo'.</u>

A wann se net gesturwe sin
da liéwen sie nach haut!

26.8.51
HR

Drock a Verlag

Theatergarderobe EschSt.Henri

| | |
|---|---|
| Preis: 1 Roll | 1o.- |
| 8 Rollen mat 1 mol Opfe'erong. | 17o.- |
| Musek derzo' gele'hnt | 1oo.- |